Lëtzebuerg, den 30. August 2011

Här Even,

Ech brauch kee Wuert iwwer meng RAD-Zäit ze schreiwen, et steet alles in extenso an deenen zwou Broschuren, déi eng vun der Amicale Tychow-Saloniki, déi aner vun der Amicale Wussow/Agia Trias, déi ech selwer an der Zäit mat opgesat hunn. Ech muss awer soen, dass déi vun Tychow-Saloniki e komplett an interessant Dokument ass, woufir ech dem Jos.Eyschen net genuch merci soe kann, dass hie mir dat Dokument zoukomme gelooss huet. Ech wëll et dofir och net vermëssen. Ech hu leider déi zwou Broschuren nëmmen eemol sou dass ech frou wär wann Dir mir se nom Gebrauch zréckschécke géift. An Upassung un ons Lëtzebuerger Schreifweis, déi ons staark um Häerz läit, sinn déi zwou Broschuren no de Regelen vum Gesetz vum 24. Februar 1984 iwwert de Sproocheregime geschriwwen, sou dass een, wann een deen Text wëllt iwwerhuelen, d'Korrektur no de Regelen vum Reglement vum 30. Juli 1999 iwwert d'Reform vun der offizieller Schreifweis muss virhuelen.

Wat meng Wehrmachtszäit ubelaangt, hunn ech leider keng Notizen fir haut nach Episoden ze erzielen oder nidderzeschreiwen. Gesondheetsproblemer am Abléck erlabe mir ët net déi ustrengend Rememoratioun vu menger Wehrmachtszäit am Alter vu 90 Joer ze maachen. Spektakulär Erliefnësser hunn ech keng, an an alle kritesche Situatiounen hat ech e gudde Schutzengel a vill Chance, soss wär ech net gesond an ouni kierperlech Schied de 7. Juli 1945 erëm aus der amerikanescher Gefaangenschaft heem komm. Et deet mir Leed Iech missen ze bieden mech vun deene verschwommenen Erënnerungen ze verschounen.

Mat groussem Respekt fir Ären Asaz.

Ternes

Félix Ternes
19, rue J.B. Fresez
L-1542 Lëtzebuerg